PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10/12/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mobilitéit weiderzeleeden.

A menger Fro n°1360 hat ech Informatiounen iwwert Asaz vu bloe Luuchten nom am Kontext vum Transport vu Regierungsmembere gefrot.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wei oft gouf op Basis vum Artikel 2 Punkt 5.10 fir d'Period 2017-2019 de Service urgent fir d'Gefierer vu Regierungsmemberen agesat?

2. An der vireger Äntwert schreift de Minister, dass de Chauffer bei Transporter vu Regierungsmembere selwer decidéiert, wéini ee Service urgent ausgefouert gëtt.
   - Wéi eng Krittäre muss de Chauffer an dem Fall berécksiichtegen, fir dës Decisioun däerfen ze treffen? Muss eng Bedroung virleien, fir dass de Chauffer dës Decisioun däerf huelen?
   - Falen d'Rendezvouse vum Groussherzog oder vun de Regierungsvertrieder ënnert dës Konditiounen?

3. Am Fall wou keng imminent Bedrouung fir ee Police-Konvoi festzemaachen ass, firwat kann ee Konvoi op enger Kräizung (beispillsweis bei enger rouder Luucht) net einfach stoe bleiwen? Ass de Risiko vun enger schneller Duerchfaart iwwert eng Kräizung net souguer méi geféierlech fir déi aner Verkéiersdeelhueler?

4. Ass et an der Vergaangenheet zu Lëtzebuerg schonn zu konkreten Iwwergréff op ee Regierungsmember oder Membere vum groussherzoglechen Haff komm?

5. A wéi enge Konditiounen gi geséchert Gefierer (véhicules blindés, Artikel 2 Punkt 2.28.) agesat? Wéi oft goufen dës Gefierer an de leschten 3 Joer agesat?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député

PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange